D'A.s.b.l. „Koplescht – fréier an hott“ invitéiert op en

Trëppeltour vu Schéimerech op Koplescht

Wou ass de Rendez-vous?

Mir gesinn eis **Sonndes den 28. Juni** um **14.15 Auer** op der Place Cossé zu Koplescht (Busarrêt Bréck).

Mir huelen do de Bus 824 oder 850, deen eis a 5 Minutten op Kielen op de Knapp féiert.

Wou geet et hin?

Den traditionellen Trëppeltour „Kultur an Natur“ féiert eis dëst Joer vu Schéimerech duerch de Bësch erof op Koplescht.

No der Visitt vum Kierfecht vu **Schéimerech** gi mir de Maschinnepark vum Naturschutzsyndikat **SICONA** kucken. Dono geet et laanscht eng Dolinn an de Bësch bei d'Iwwereschter vum Chalet Bel-Air, ier mir iwwer de Léin zu Koplescht beim Eisebuer erauskommen.

Dat si 5 Kilometer Wee, flaach oder biergof, mat interessanten Erklärungen iwwer d'Natur, e puer Anekdote vu fréier an engem eemolegen Ableck an de SICONA.

Zu Koplescht ukomm kënne mir eis op eng Terrass setzen an eppes géint den Duuscht maachen.

Gutt ze wëssen

Jiddereen, egal ob Member oder net, ass häerzlech wëllkomm.

Dir braucht iech net am Viraus unzemellen.

Den Tour dauert ca. 3 Stonnen. Ditt Wanderschong un fir an de Bësch.

Koplescht
fréier & hott

contact@koplescht-bridel.lu
www.koplescht-bridel.lu